N° 5 24ten Dezember 1941

# De "Freie" Lötzeburger



Telefon : N° 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

BG 192 C.W.O. II C.2.G.M.

*So' secher we' ons d'Bierger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## I 9 4 I .

Mir stin um Enn vum desem Jor.Kê vun ons ka soen, dat et ons Gléck a Fréd brûecht hûet, ma all wösse mir wîem mir dât ze verdanken hun.

Dè verdammte, verhâsten a knaschtege Preiss leit nach ömmer an onsem Land, trîed op als "Mêschter" a get onsem Vollék et be's ze spiren.Annerhal-left Jor hûet hîen un onsem Staatsgebei gehummert, gebréckelt a gefréckelt, d'önnescht d'îewescht geheit wât mir mat viller Me' an zer Zefriddenhêt vum Vollék geschâft haten. A sengen Aen ass nömmen dât gutt a sche'n, wât de Stempel vum Naziregime dre'gt, nömmen dèn e richtege, brâwen a patriotesche Lötzeburger, dèn d'Maul opreisst we' e Bâkûewen fir "Heil Hitler" ze bröllen. De' Lötzeburger, de' sech dem Preiss an d'Aerem geheit hun, sin hûrteg gezîelt, de' mêscht vun hinnen hun iwrigens preisescht Blutt an den Oderen. Op de' allegûer (sie stin op onser schwârzer Löscht) wölle mir gîer verzichten. Wât ower den treie Stacklötzeburger mat klorem Mönscheverstand ubelângt, dèn hûet net op dem Preiss seng Kârt gespillt. Kên Drêen, keng Strôf konnt hîen dun ömsûedelen. Dè Beweis hu mir den 10ten Oktober 1941 onsem Gaul eiter schwârz op weiss brûecht.Wann dè Mann zönterhîer nach net agesin hûet dat bei ons neischt ze ge'ssen ass, dann ass him net ze hellefen.

Mir Lötzeburger sin net vum Preiss senger Fârf, peifen op sei Regime, op seng Miljo'nenarme', op seng Luftwaffe, seng Tanks. Mir wöllen a brauchen dât net. Als "frei" Birger hu mir ömmer gelîeft a wöllen als "frei" Birger stîerwen.

Mir wöllen d'Blutt vun onse Jongen net afferen fir dè fanatesche "Weissert", dèn haut Deitschland a mat him vill aner Länner ze Grond rîcht.

Mir wöllen neischt wössen vu Leid de' ons Religio'n, onse Glâf mat Fe'ss trîeden, de' onse Kanner den Herrgott aus der Se'l reissen.

Mir halen ons och eweg vun dénen, de' kê Versprîechen halen, fir de' Recht an Erbârmen onbekannt Wîerder sin.

Hänn a Fe'ss hûet de Preiss ons gebonnen, ons de Mond gestoppt, ower ons Hîerzer ze gewannen ass eng Sâch der Onmiglechkêt. Mir können ons net wîeren, mussen ons Wîerder weien a mat der Fauscht an der Täsch all dât Onhêl nokucken, dât hîen an d'Land bréngt. An dach hu mir e Möttel dât dem Preiss d'Hîerz frösst : Mir verûechten hîen. D'Munitio'n mat dèr mir scho'ssen ass de gro'ssen, e'wegen Hâs. A vun dèr Munitio'n hu mir gro'ss Reserven, op d'mannst fir e pûer Generatio'nen.

Schwe'er Stonnen hu mir dest Jor erlîewt, aner sin op der Lauer. Den Himmel ass nach ömmer gro, ma plâtzeweis get e blo. Wât hun ons Hîerzer gekluckxt vu Fréd, we' de Preiss bei Moscau d'Klöppele bei d'Tromm hûet mîsse léen, we' ,a Lybien, de "Macaronien" an hire Gesellen d'Fe'ss warem si gin. Des Ke'er kre'e se allebe'd d'Schnösser ersîelt we' sie et verdéngen.Niemols kre'e sie Strêch genug, schûed fir de' de' lânscht falen.

D'Situatio'n ass haut vill besser we' vrun engem Jor. Amerika stêt op onser Seit, de Preiss hûet schons am leschte Krich erfûer wât dât bedeit. D'deitscht Vollék ward mat Ongedold op den "Endsieg",dèn den Hitler him fir

Enn deses Jor versprach hûet. De Generol von Brauchitsch hûet net errêcht wât de Führer vun him verlângt hûet, hîen hûet mîsse sprangen, an de Kaperol Hitler hûet sech a seng Plâtz gesat. D'Wâsser stêt dem Hitler bis un de Kömm e muss elo seng lescht Kârt spillen.

Lötzeburger, hîeft nach e we'neg Gedold. Alles kritt eng Ke'er. So' we d'Actio'nen haut stin, ass de Krich fir ons gewonn. Lâng genug ass d'Gâl ons iwergelâf. Lâng genug hu mir d'Schmîere mam Daum gemîess. Lâng genug hûet onse Mo geklabbert we' e Millebeidel. Dè Mann, mam Gewössen we' eng Seibecken, dèn op ons Dommhêt gebaut hûet, dèn onser Freihêt d'Ae wöllt ausstîechen, get aus dem Sûedel geheit.

Fir I942 wönsche mir de Preisen, dat englesch, amerikanesch a russesch Bommen hinne vum Himmel falen we' d'Bo'ne vun der Gês.

An îech all, Lötzeburger, wönsche mir vum Wo'scht geseibert ze gin. Hâlt dûrch, we' dir êt bis elo gemâcht hûet. Ons ro'd, weiss a blo Fârwen schwîewe geschwönn erem am Freihêtswand, an ons le'f Gro'ssherzogin Charlotte, mat hirer Familjen, ass geschwönn erem an onse Maueren.

H A L T   D U R C H !

D'Redactio'n.

---

--- Un ons Lîeser ---

"De Freie Lötzeburger" ass haut net eleng an der Hêmecht, ma och an den Nopeschlänner verbrêd. We' en Erle'ser get en iwerall emfângen, well a senge Fâlen bréngt en dem Lîeser e böss'che Freihêtswand.

An de lângen Uchten sötzen d'Könnercher, öm Mamm a Papp, beim Familjendösch a strecken matenaner d'Käpp iwer onst bele'ft Blad. We' lâchen hir Gesîchter, we' blénken hir Aen wann de Bléck op eppes fällt, wât dem Preiss net an de Krôm passt. Mir hun den Zweck errêcht dè mir verfollegt, an de' geschlon de' et verdéngt hun. A mir lôssen net no ,eso' lâng we' nach e Kamösstîwel onse Bûedem betrîed.

Ons Lîeser, de' net dûrch onse Bûed ze erreche woren, hun "De Freie Lötzeburger" dûrch d'Post zo'gestallt kritt. Dât ass natîrlech mat vill Onkäschte verbonnen de' mir, bei dém deiere Bre'fporto, op d'Dauer net op ons hûele können, well ofgesin dovun hu mir nach aner Onkäschten (Pabeier, Drécken a.s.w.), de' mir och bestreide mussen. Dûerfir bîede mir ons Lîeser, de' ons bis elo nach kê Beidrag geschéckt hun, dât nozehûelen. Gidferè ka gin wât hîe wöllt, de' klengsten Zommen si wöllkomm.

Fir ze verhidden dat ons "Mêschteren" ons Geld schécken (mir lôssen ons net bestîechen a sûedelen net öm), gi mir d'Nummer vun onsem Postscheck net un. Wîen et net wês ka bei engem vu senge Frönn mat Lîchtegkêt erfûeren, u wîen hîen d'Geld schécken oder ofliwere kann. Gidfer Beidrag dèn dûrch eng Zwöscheperso'n bei ons agêt, get an onsem Blad an der Rubrik "Bre'fkösch" matgedêlt.

Vum Ite Januar I942 un kre'en also nömmen de' Leid onst Blad, de' e "freiwöllege" Beidrag gemâcht hun, e se'f kleng oder gro'ss.

Mir zweiwelen net drun, dat gidfer Lötzeburger et als seng hêleg Flicht ugeseit ons, an dér gerechter Sâch de' onst Blad verfollegt, önner d'Aerem ze greifen.

Merci viraus !

D'Redactio'n

---

--- Et sin hirer keng ---

Op Verûerdnong vum Gaul eiter sin ofgesat gin :

Wilhelm Richard, Fîeschterassessor, Lötzeburg
Pinnel Joss, Ennerinspekter, Lötzeburg
Mandres Franz, Eisebunner, Lötzeburg
Folschette Nick, Kriminalbeamten, Lötzeburg
Schütz Misch, Ennerinspekter, Lötzeburg
Schuster Leopold, Douanjé, Lötzeburg
Schmit Jampir, Douanjé, Erising
Bisdorff, Professer, Esch a/U.
Heinen Nick, Professer, ESch a/U.
Ries Cecile, Scho'lmêschtesch, Stêsel b/Esch

Reuter Nickels, Affekot, Dickerech

C.W.O. II C.2.G.M.

4 Apdikten sin zo'gemâcht gin :

Bos Jâk, Lötzeburg
Perlia Louis, Ech
Scholer Luc., Lampertsbîerg
Hoffmann Robert, Dideléng

---

--- Blötzkrich ---

De Blötzkrich, dèn de Preisen an e pûer Me'nt den "Endsieg" sollt bréngen, ass fél geschlon. Sie hu sech, we' è sét, de Fanger an d'A gerannt, an et ass hinnen nömme Recht geschitt. So' gêt et engem, wann è frech ass we' Gâssendreck a mam plâkegen Hönner an de Krich gêt, well ofgesi vun Zaldoten, Tanks, Kano'nen a Luftwaffe hûet et dem Preiss un allem gefélt fir e lânge Krich können auszehâlen. Manktem u Koffer, Nickel, Kautschu a Bensin, fir nömmen de' ze nennen, dêt sech vun Dag zo' Dag ömmer me' spiren. An dann hûet et dem Hitler och un den ne'dege Schöffer gefélt fir de' onentbîerlech Sâche könne sichen ze gon. Haut ass hîen, den onfélbaren Adolf, vir bei an hanne widder. Seng Zaldoten wore wûel net me' weit vum Kaukasus, ower de russesche Bîer hûet sie dèrmôssen zerkrâzt, dat sie keng Aussicht hâten un de Petrol ze kommen. Zu Rostow hate sie et 8 Dég gepackt, du sin s'emgedre't. Sie hu gesot sie könnten de Petrolsgeroch net verdron. Jitzen och, 't ass d'Geschicht vun den Drauwen.

An der Zwöschenzeit get bei ons geklaut wat nömmen ze klauen ass. Geld, Lîewensmöttel, Be'schten, Eisen, Holz, Wein gin de' Seit Tre'er. Elo mussen och d'Fläschen geaffert gin op dan Altor vum gro'sse Reich. Wat dûerno könnt wösse mir net., ma bei de Fläschen bleiwt et net.

Lötzeburger ! Mir kennen èrt patriotescht Gefill a mir wössen dat dir gidfer Rôt befollegt, dèn onser Hêmecht nötzlech ka sin. Schlot èr Fläsche futti, de' gro'ss an de kleng, dat se dem Preiss nömmen net an d'Grâpp falen. Verstoppt ère Koffer, èr Woll, ère Gummi, èrt Léngend, de' him eso' bluttne' deg sin. Wat de Preiss manner fönnt, wat de Krich e'schter eriwer ass, wat d'Freihêtssonn ons e'schter blénke könnt.

Et gin och nach vill Sâchen, de' de Preiss îech wûel net eweg höllt, ma de' dir musst versûergen we' Gold : Bengelen, Lo'klöppelen, Stângen, Ketten, Bîesemen, Flêlen, Grêfen, Pawésteng, elauter Sâchen de' am Klöppelkrich se'er nötzlech woren an dèr mir ons èn Dag net entbîere können. Bis elo hu mir den Arem net gehûewen, wo'negstens net "freiwölleg". Ma wann den Dag könnt wo' mir en aus freie Stécker hîewen, an dèn Dag ass net me' eso' weit eweg we' vill et mengen, dann ass et net fir "HEIL" ze ruffen, ma fir dran ze schlon, an net ze knapps.

A wa mir eso' weit sin dann denke mir un dè preiseschen Offize'er dè gesot hûet : Et ass me' lîcht e ganzt Regiment Negeren ze drillen, we' aus engem Lötzeburger e Preiss ze man.

Flapp.

---

--- Gestûerwe fir ons Freihêt ---

Den 19ten Dezember hu mir den Här Albert PHILIPPE begrûewen. E weider op der Löscht vun dénen de' hire Patriotismus mam Lîewen hu mîsse be'ssen.

Wîen hûet den Här Philippe net kannt an net als e'erlechen, oprîchtege Lötzeburger ugesin ? Als ôfgesaten Affekot, fre'eren Depute'erten, fre'ere Scheffe vu Lötzeburg an als gro'sse Katholik wor hîen de Preisen en Dar am A. Sie hun hîen op all migelech Mane'er kujene'ert, ower den Här Philippe, en Intellektuellen, dèn en Ennerschêd gemâcht hûet töschent Gewalt a Recht, hûet hinnen de Bass gehalen. Sei Strîewe gong nömmen dohin, seng Intelligenz, seng Krâft an den Déngscht vun engem freien, onôfhängegen Lötzeburg ze stellen. Dât konnten d'Preisen net verquössen a sie hun den Här Philippe, wir e pûer Me'nt, arrete'ert. Eng Zeit derno hu sie hîe lassgelôss, o'ni hîen aus dem A ze verle'eren. Vir en Dager zéng krut den Här Philippe matgedêlt, e mîsst sech berêt halen fir mat senger Familjen an Deitschland geschéckt ze gin (wohl zur Ausbildung ?). Dât hûet dem Alb. Philippe d'Hîerz

gebrach, en hûet den Do'd me' lîcht fonnt we' d'Nazityrannei, an hûet sech vun der neier Bréck an d'Pietres geheit.

So' gêt vun ons, am Alter vu 55 Jor, e brâwe Mann, en echte Lötzeburger.

Här Philippe, dir sitt gefall fir d'Wûel an d'Freihêt vun onsem Hêmechtsland. Mir wärden îech net vergîessen, èrt Undenken bleift an den Hîerzer vun alle Lötzeburger.

Eren Nûem schreiwe mir mat golde Buchstawen op onse Freihêtsbam.

---

## --- Bre'fköscht ---

Poli, Mamer. Er I25,- Fr. sin agângen. Merci.
Klatz, De'fferdéng. Mir kommen op d'Sâch zréck.
Club, Ettelbréck. Merci fir de' gesammelt 682,75 Fr.
F.K., Bre'ssel. Merci fir èr 25 Fr.
Jupplabumm, Metz. Er Matwîrkong ass ons se'er nötzlech. 300 Fr. sin ukomm.
Kopplibunz, Antwerpen. Merci fir èr I50 Fr.
Stopp, Re'mech. Dir kritt wat dir verlângt. Merci fir èr 225 Fr.
E.M., quelque part en Belgique. Merci fir èr 2 mol I00 Fr.
E.F., Bre'ssel. Er 20 Fr. hu mir kritt. Villmols merci.
Lo'klöppel, Woltz. Dât wât dir verlângt, get besûeregt. Merci fir èr gesammelt 280 Fr.

---

## --- Löschtegen Eck ---

### Eng Geschicht vum Ginze Gre't

Ginze Gre't vu Fuhren wor des lescht zu Dideléng op engem Begrîefnes. We' d'Leid vum Kirfecht erem si komm gong d'Gre't mat e pûer Bekannter, we' dât eso' de Gebrauch ass, e Pättchen drénken. Hei ko'm d'Gre't ja op èmol an d'Gespre'ch mat engem italieneschen Arbechter, dè gutt lötzeburgesch geschwat hûet. Et gong hîer iwer de Krich an, we' et ze erwarde wor, hûet de "Macaroni" nömme vill Guddes gesot vun der deitscher a vun der italienescher Arme'. Hîen hûet dem Gre't önner d'Nûes geriwen, dat d'Franso'sen net gedûecht haten dat d'Preisen an e pûer Wochen hallef Frankreich ge'we besetzen. Ower d'Gre't, net op de Mond gefall, hat d'Aentwert berêt a sot : "Mei le'we Mann, wat sitt derr nach domm. Wosst derr nach néck dat (néck) hallef, ma ganz Italien voan de Preise besat ass !"

---

## --- Am Zuch ---

E lötzeburger "Schaffner" mecht den Tre'eschen Zuch. Ennerwé könnt hîen d'Biljée kontrolle'eren a bei dér Geléenhêt an d'Gespre'ch mat engem Typ vun der "Gestapo". De Preiss bekuckt sech de Schaffner gutt un a sot : " Herr Schaffner, wie kommt es dass Sie Ihr Abzeichen "HEIM INS REICH" auf der rechten, statt vorschriftsmässig auf der linken Seite tragen ?"

De Schaffner, e gudde Patriot, beisst op d'Zänn an änwert : "Wo mein Herz schlägt ist kein Platz für dieses Abzeichen".

De Preiss, spannebe's, hûet neischt me' gesot.

---

## --- Aus der Scho'l ---

An enger lötzeburger Scho'l ass zönter enger klenger Zeit e preisesche Scho'lmêschter. Dès lescht hûet dèn Här d'Kanner iwer d'Sche'nhête vu verschidde Stîed ausgefrot.

Scho'lmêschter : Wer kann mir eine der grössten Sehenswürdigkeiten Berlin's nennen ? Isy : Das Brandenburger Tor

Scho'lmêschter : Sehr gut. - Und welche ist die grösste Sehenswürdigkeit der Stadt Paris ? Nickela : Der Eifelturm.

Scho'lmêschter : Richtig.-Und was hat Köln für Interessantes aufzuweisen ?
Dömmy : Die Trümmerhaufen.

Scho'lmêschter : Was, was, was, Trümmerhaufen ? Es gibt doch keine Trümmer in Köln. Dömmy : Doch, Herr Lehrer. Mein Vater ist Kartenpitzert auf dem Zug und fährt jede Woche nach Köln. Als er vorgestern Abend nach Hause kam sagte er zu meiner Mutter : Wenn die Engländer noch ein paar mal kommen ist ganz Köln kaputt.

---

Nº 4 vun onsem Blad go'f zu Esch am Lach gedréckt.